Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2024.62402.SECR

Péiteng, den 16. August 2024

**Betreff: Är Demande vum 16. Juli 2024**
(den Dossier gëtt beaarbecht vum Pia Hansel - Tel.: 50 12 51 – 2076)

Här Welter,

An Ärem Bréif vum 16. Juli 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 17. Juli 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Eis Gemeng ass op de soziale Medien ënnerwee a schaaft do Bäitreeg, schalt Werbung a moderéiert Contenuen. Et kënnt vir, dass Kommentarer vu Leit op der Gemengen-Säit geläscht ginn.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

1. *Wat fir eng Krittäre gëlle fir d'Moderatioun an d'Läsche vu Kommentarer vu Leit op de Social Media Säiten vun eiser Gemeng?*

   *Wéi vill Kritik léisst Gemeng op senge Säiten zou? Wou gesäit d'Gemeng d'Grenzen vun der fräier Meenungsäusserung?*

2. *Wéi vill Sue goufen, opgeleëscht no Joer an no Plattform (Facebook, Instagram, etc.), an deene vergaangenen 3 Joer fir Social Media ausginn?*

*Mat Respekt,*

*Christian Welter*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwerten op Är Froen:

1. An der Reegel gi keng Kommentare vum Service Culture et Communications op de Soziale Medie geläscht, et sieft dann, dës Kommentare géife gewësse Kriterien net gerecht ginn ewéi z.B. rassistesch oder xenophob Inhalter, déi net op d'Säite vun enger Verwaltung gehéieren. Doriwwer eraus ass et esou, datt mir drop oppassen, datt den Austausch um sproochlechen Niveau net entgleist, d.h. datt Leit oder Servicer an Institutiounen iwwer dëse Wee beleidegt ginn.
   Kritik huele mir als Gemeng natierlech op eise Säiten un, dat kënnt Dir jo reegelméisseg gesinn. Dat ass fräi Meenungsäusserung, wou mir bestëmmt net ënnerdrécken. Wéi gesot, d'Grenze ginn dann iwwerschratt, wa gewësse Kriterien ewéi déi déi uewe genannt goufen, net respektéiert ginn.

2. Wat de Budget ugeet, esou louch deen
   - am Budget 2022 bei 380 € (mir hunn eréischt méi spéit am Joer ugefaangen),
   - am Budget 2023 bei 892,31€,
   - am Budget 2024 bei 815,38 € (Stand 25.07.2024).

   Woubäi mir eis Bäiträg quasi ausschliisslech iwwer Facebook geschalt hunn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär f.f.,

De Buergermeeschter f.f.,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118